PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Wann e Passagéier e Vol bucht, dann akzeptéiert en nieft de generelle Konditioune vun der Airline och implizit déi méi spezifesch Konditioune vun der sougenannter "*Fare Basis*". Dës Konditioune reglementéiere pro Segment vun engem kompletten Ticket déi genee Konditiounen, wéi zum Beispill Remboursementer, Annulatiounspenalitéiten a Restriktiounen.

Dës "*Fare Basis"* gesäit de Client op sengem "*E-Ticket*", respektiv op sengem Pabeiersticket, nëmmen als alphanumeresche Code ouni awer de säitelaangen Text, deen derhannert, stécht ze kréien. Och sinn dës Texter net per Google-Sich ze fannen, mee kennen nëmmen iwwert e spezialiséierte Service consultéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt et dem Konsumenteschutz entsprécht, wa Clientë beim Ofschloss vum Kontrakt net all d'Annexe vun engem Kontrakt virleien hunn?
- Am Fall wou op déi éischt Fro mat Nee geäntwert gëtt, ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt de Client misst zu all Zäit Accès zu allen Annexe vu sengem Kontrakt hunn?
- Op wéi enger legaler Basis kann eng Airline Fraise'e facturéieren, déi dem Client beim Ofschloss vum Kontrakt net ersiichtlech waren, well him d'Annexe vun der "Fare Basis" gefeelt hunn?
- Ass de Ministère der Meenung, datt beim Kaf vun engem Fluchticket dem Client all d'Konditioune fir Remboursementer, Annulatiounspenalitéiten a Restriktioune missten transparent kommunizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député